LU

Mix and move!

MOBILITÉITSWOCH 2018
BEETEBUERG

Vum 16. bis
22. September 2018

TOUR DU DUERF
Responsabel fir meng Gemeng

KlimaPakt
meng Gemeng engagéiert sech

obeler
fenneng:beetebuerg:
hunchereng
näerzeng

eis gemeng

Sonndes,
de 16. September 2018

AWEIUNG: CHARGY E-BORNE & „MÄERCHEWEE“ FIR FOUSSGÄNGER

Ab 10.30 Auer bei der Sportshal

2 VËLOSTIER MAM MOUNTAINBIKE ODER MAM CITY BIKE

- 1 Tour vun 30-35 km duerch de Bësch
- 1 Tour vun 10-15 km duerch d’Duerf

Treffpunkt: 13.30 Auer um Parking an der Route de Luxembourg

Wichteg! Kanner (*bis 14 Joer abegraff*) musse vun engem Erwuessene begleet ginn. D’Droe vun engem Helm ass obligatoresch.

D’Matmaachen ass op eege Verantwortung.
Organisatioun: Gemeng Beetebuerg + Vëlo Club „La Vitesse“ + Mobilitéitskommissioun

Weider Informatioune fannt Dir op eisem Internetsite www.bettembourg.lu

Tour du Duerf – All op de Vëlo!

VU MÉINDES, DE 17. SEPTEMBER BIS SONNDES, DE 7. OKTOBER 2018

Schreift Iech an op www.tourduduerf.lu
Organisatioun: Klimabündnis Lëtzebuerg + Verkéiersverbond

WEIDER INFORMATIOUNEN:
www.chargy.lu

Dënschdes, den 18. September 2018

VËLOOCCASIOUNSMAART UM BEETEBUERGER MAART – EXPO A VERKAF VU VËLOEN

Vu 15.00 bis 18.00 Auer

D'Aschreiwung bis de 14. September 2018 beim Ëmweltservice um 51 80 80-247/248 oder per E-mail op ecologie@bettembourg.lu ass obligatoresch.

Dir kënnt eis Äre Vëlo ab 14.30 Auer op d'Kiercheplaz bréngen an e bis spéitstens 18.30 Auer siche komme wann en net verkaf ginn ass.

VËL'OK INFOSTAND

Bréngt Är mKaart mat a schreift Iech op der Plaz an! Wann der keng mKaart hutt, kritt der eng.

Ab 15.00 Auer op der Kiercheplaz

Organisatioun:
Gemeng Beetebuerg + CIGL Esch

LVI VËLOSPARCOURS FIR KANNER

Hei ass Geschécklechkeet gefrot! Op dësem Parcours léieren d'Kanner hire Vëlo besser kennen a wéi se sech méi sécher am ëffentleche Verkéier kënne fortbeweegen.

Wichteg! D'Droe vun engem Helm ass obligatoresch. All Kand muss en eegene Vëlo matbréngen.

D'Matmaachen ass op eege Verantwortung. Vu 15.00 bis 18.00 Auer um Parking bei der Kierch

Organisatioun: Gemeng Beetebuerg + Mobilitéitskommissioun

VËLOCODAGE VUN DER POLICE

Um Stand vun der Police kënnt Dir Äre Vëlo codéiere loossen. (op Presentatioun vun Ärer Carte d'identité)

Vu 14.00 bis 16.00 op der Kiercheplaz
Opgepasst: net méiglech fir Vëloe mat engem Kader aus Carbon.

ENTDECKT OCH ANER STÄNN WÉI

- → DE FLEX CARSHARING VUN DER CFL
- → DE VERKÉIERSVERBOND
- → DE VËLOKAL
- → DEN DREAMBIKE SHOP

Ab 14.30 Auer op der Kiercheplaz

Samschdes, den 22. September 2018

TRËPPELTOUR VUN 10 KM ZESUMME MAT DER GEMENG RÉISER

Treffpunkt um 14.00 Auer op der Gare Routière zu Beetebuerg. De Wee ass fir Poussettë mat grousse Rieder resp. „Offroadpoussetten" gëeegent.